N°8261
Entrée le 24.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 24. Abrell 2023

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weider ze leeden.

Wéi d'Naturverwaltung dës Woch matgedeelt huet, konnt d'Presenz vum Wollef am Beräich Iechternach an zu Beefort an de leschte Wochen nogewise ginn. An dëser Regioun si besonnesch vill Touristen, ënnert anerem mat Kanner an Hënn, ënnerwee, dat zum Beispill um Mëllerdalltrail. Och kéinten d'Baurebetrieber mat Véi op der Wiss vun dëser Nouvelle betraff sinn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Fro un d'Ministesch stellen:

- Gedenkt d'Regierung eng Informatiounscampagne zu de Verhalensreegele géint iwwer dem Wollef ze lancéieren, wuel wëssend dass sech grad vill Touristen am Land, a speziell am Osten, befannen?

Här President ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Diane Adehm

Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu